

LES **SACRIFIÉS**

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force




Juillet/Août

1987

No 4

26e année



Fédération :
9, rue du Fort Elisabeth
Luxembourg

Journée Commémorative Nationale des EdF


Dimanche, le 6 septembre 1987 (Baueressondeg)

45e Anniversaire des Premières Déportations Civiles et Militaires

Programme:

- 15.00 h: Gare de Luxembourg – Hollerich**
Dépôt de fleurs au Monument National de la Déportation civile et militaire
- 15.30 h: Gare centrale de Luxembourg**
Dépôt de fleurs au Monument des Cheminots
- 16.00 h: Eglise Sacré-Coeur, Luxembourg-Gare**
Messe solennelle chantée par la Chorale des EdF
- 17.00 h: Parvis de l'église**
Concert patriotique offert par la «Garnisounsmusék» sous la direction de Josy Comes
- 17.15 h: Départ du cortège pour le «Kanounenhiwwel»**
- 17.30 h: Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise**
Cérémonie commémorative
Dépôt de fleurs, sonnerie aux morts
Homélie
Hymne National

De Fédérationscomité lued all Enrôlés de Force, Männer wéi Fraen, mat hirer Famill, hire Bekannten a Frënn an, de 6. September un der Journée commémorative nationale deelzehuelen. Mir all sin deene sëllege Komerodinnen a Komeroden et schëlleg, eemol am Joer, an dat an aller Öffentlechkeet, hirer besonnesch ze gedenken. Duerfir huele mir äis viir, de 6. September mat derbäi ze sin. Ee klänge Sonndegnomëtteg werde mer affere kënnen, fir en eise Komeroden ze schenken, déi, oft ganz laang, virun äis aus dësem Liewen ausgescheet sin.



Inhalt:

Anniversaire
Den 18. Oktober 1942
Amicale «Ons Jongen», Dikke-
rech
Assemblée générale ordinaire
de la Féd. des EdF.
Charles Baddé †
Mir sichen e lëtzebuenger Jong
Wie war an de Kasären zu
Lansberg/Warthe?
Amicale RAD Brahnau
Waldheim –
«Schuldig oder nicht?» –
Nationalkongreß der
«Association E.F.V.N.

Fédération des Victimes du
Nazisme Enrôlés de Force,
Association sans but lucratif
Siège: Luxembourg, 9, rue du
Fort-Elisabeth. - Boîte postale
2415 Luxembourg-Gare.
C.C.P. 31329-95
Banque Intern.: 5-217/4546

Rédaction du bulletin bi-mes-
triel «Les Sacrifiés, Luxbg.,
9, rue du Fort Elisabeth,
Boîte postale 2415
1024 Luxembourg

Service social aux Enrôlés de
Force, 9, r. du Fort-Elisabeth,
Luxembourg-Gare
Tél.: 48 32 32.

Fonds d'Action ccp 2 1049-97

L'Association des Parents des Déportés Militaires Luxembourgeois, Secrétariat: 9, rue du Fort Elisabeth, Boîte postale 2415, Luxbg-Gare – l'Amicale des Anciens de Tambow, Secrétariat, Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, ccp 24007-48 – l'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme, Secrétariat: Luxbg, 9, rue du Fort Elisabeth, Boîte postale 2415, Luxbg-Gare, ccp 31 324-90 – Association des Survivants des Enrôlés de force, a.s.b.l., Siège: Luxbg, 9, rue du Fort Elisabeth. La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 15, rue de Moutfort, Oetrange, Tél.: 350 14.

Impr. Hermann, Luxbg

Wann och en trauregen, dann dach awer en

ANNIVERSAIRE

Et gouf kéng Generatioun virun eiser zu Lëtzebuerg, an hofentlech gët kéng méi no eiser, der esou traureg Anniversairen an d'Haus stinn, wéi et elo alt erëm de Fall as fir d'Enrôlés de Force.

Dës lescht sot e gudder Mënsch zu mir: "Denk einfach nët méi drun! Vergiess alles!"

Wéi ech him geäntwert hun, all Dag, all Stonn an esouguer an de Nuechte géinge Péing a munneche Misär, deen et nët hätt bräichen ze gin, un déi schlëmm Erliwënnesser an enger Zäit erënneren, déi de Jonktem an engem Mënscheliwien duerstellt, wosst de gudder Mann och näischt méi ze soen. An deem Zesummenhank soe mir Lëtzebuenger esou treffend: Déi gutt Rotschléi an déi schlamm Geessen.

An dësem Joer jährt sech fir d'45te Mol all dat, wat sech am Krichsjoer 1942 hei zu Lëtzebuerg zougedroen huet. No dem Iwwerfall vum Hitler séngen Arméien op eist Land an de Rescht vu Westeuropa, den 10. Mee 1940, haten d'Nazië sech bei äis am Land breet gemaach a sie hate sech ageriicht, as wéi wa se nie méi wëlles wären z'rëckzegoe, vu wou se hiir komm waren. Hier ruckelzeg rout Fändelen mat deem eekeligen Hakekräiz hongen iwwerall, wuer ee gekuckt huet. Aus gewaltegen Hautparleuren goufe mer stänneg mat deene blöde "Sondermeldungen" berie-selt. Et war fir eppes un sech ze kréien!

Am Verlaaf vun hirer ugekënnegter "Neuordnung" zu Lëtzebuerg a vun "Eindeutschung" vun de Lëtzebuenger an d'„groß-deutsche Reich" hun se alles, wat et bei äis gouf, oofgeschaaf, – mat hire sëllege "Verordnungen" si mer, nët nëmmen dronke gemaach gin, mä mir koume regelrecht an d'Labrängen. Wien de Kapp gewisen huet, kruet en ageschloen. Dat hun och déi am Land misse feststellen, déi geménkt haten, d'Zopp géing nët esou waarm giess gin, wéi se gekacht gouf.

Mat de Juden hei am Land sin de Gauleiter G. Simon a seng Clique verfuer ewéi mat Véi. Vum 7. November 1940 bis den 23. Januar 1941 haten d'Preisen der scho 626 an d'onbesatend Frankräich gejoj.

De 16. Oktober 1941 hun d'Nazien ugefaangen d'Lëtzebuurger Juden an d'Konzentrationslager ze schleefen. Bis den 28. Juli 1942 hate se nët manner wéi 555 Juden no Litzmannstadt an Theresienstadt bruecht.

Eist Land huet op eemol zum "Gau Moseland" gehéiert. D'Lëtzebuurger hate bis dohin scho schrecklech ënner dem Naziterror gelidden. Op de Stroosse goufen d'Leit zerschloen, wa se nët "Heil Hitler" gemaach hun.

Et goufe Geisele geholl, déi Milliounen vu RM als Stroof hu misse bezuelen; honnerte Lëtzebuurger ware verhaft an an d'KZ-Lager Hinzert gestach gin; eis Fräiwëllege-Kompanie a vill aner Leit am Land ware, well se de Preise nët gepasst hun, an d'„Altreich" verfracht gin; de "Reichsarbeitsdienst" (RAD) war obligatoresch gin fir Jongen a Meedercher (deen RAD, vun deem esou vill Lëtzebuurger awer och glat nët wosste, wat et wir, soss hätten se deene Jonken, déi an de sauren Apel hu misse bäissen, nët gesot: "Et schued näischt, wa se léire schaffen!") Dat Schlëmmst, wat bis ugangs Juni 1942 passéiert war, as, datt d'Preise véier gutt Lëtzebuurger zu Köln gekäppt an een zu Wien higeriicht haten.

Wat d'Preisen de Lëtzebuurger bis dohin ugedoen haten, war allerhand. Ma dat, wat se am August 1942 an duerno vu Verbriechen u Land a Vollék begaangen hun, dat geet nët op eng Kouhaut.

Jhust un déi ongeheier a folgeschwéier Verbriechen gi mer, 45 Joer méi spéit erënnert, esou wéi wann alles eréischt gëschter passéiert wir.

— Den 30. August 1942 huet de Gauleiter den obligatoresche Militärdéngscht bei der Wehrmacht fir d'Joergäng 1920 bis 1924 décrétiert. Dräi weider Joergäng goufe spéider d'Affer vun där illegaler Zwangsrekrutierung.

— Den 31. August 1942 gouf am Land géint déi verbriecheresch Moosnahm gestreikt. Prompt hun d'Preise mat dem Standrecht geäntwert. 20 brav Lëtzebuurger goufen higeriicht an een Däitsche gouf zu Köln gekäppt. Vill anerer goufe verhaft an a Prisonge gestach.

— D'Studenten an Stodentine goufe masseweis an d'Preisescht verschleeft.

— Vum 17. September bis de 15. Oktober 1942 abegraff sin 149 Lëtzebuurger Familjen no Leubus a Schlesien ëmgesiedelt gin.

— An da koum den 18. Oktober 1942, dee schlëmmen Sonndeg, wéi ronn 2 000 Lëtzebu-

ger Jongen an déi „nationalsozialistische Wehrmacht" verschleeft si gin.

Bis den Zuch, ëmstallt a schaarf bewaacht vun Wehrmachtszaldoten, Polizei a Gestapo fortgefuer as, hu sech Szenen oofgespillt, déi a Muerch a Schanke gongen. Um Quai vun der Hollerecher Gare d'Elteren, Gesëschter, Fraen a Freieschen, an de Coupéfensteren „eis Jongen" beim leschten Arwuer. Béidersäits gouf versicht een deen aneren ze tréischten. . . . Mut ze maachen: Mamm Papp, . . . kräischt nët, ech kommen erëm— — ! Jemp, Jos, Jhang, Néckel. . . . versuerg dech, pass gutt op dech op. . . . ! Et as nët fir laang. . . . de Krich as geschwën erriwer. . . . !

Mä keen huet esou richtig un dat gegleewt, wat e geruff huet. D'Angscht an d'Roserei souden déif an de Glidder. Et ware nëmme Kreesch vu Verzweiwelung. Bannenan war et jidderengem fir ze katzen. Am allerléifsten hätte mer de leschte Preis an enger Fläsch konservéiert gesin.

Wéi et dee Sonndeg 18. Oktober 1942 war, lies der ganz ausféierlech am Artikel hei handendrun.

Mir soen iech, wéi den Dag drop, den 19. Oktober 1942, déi preisesch Propaganda-Tënterversabblers an den Zeidongen schwadronniert hun. Do stung ze liesen:

"Die ersten jungen lützelburger Rekruten verließen am Sonntagmorgen Luxemburg."

An da geet do Rieds: ". . . . folgte zum ersten Male junge Rekruten der großen Zahl von Freiwilligen, (d'Zuel vun deene Fatzerte war glat nët grouss.) die ihnen in den beiden letzten Jahren in beispielhafter Haltung ('t hätt ee se kenne vrecktschloen, déi beispillhaft Verréider!) vorgegangen waren auf dem Weg in die großdeutsche Wehrmacht." "Waren durch die große Erziehungsschule der deutschen Jugend, durch den Reichsarbeitsdienst gegangen und hatten dort am eigenen Leibe den Wert männlicher Zucht und Kameradschaft für die Durchbildung des eigenen Charakters kennen und schätzen gelernt."

Wat e Gesabbels! Wat mir am RAD geléiert hate war, wéi mer d'Preisen am beschten uschäisse kënnten, — — wéi een hinnen aus de Féiss misst goen, fir en eng hannenerëm ze wéitschen.

Kuriositéitshalwer zitëire mer nach e leschte Saatz aus deem faulen Zeidongsgeschrifs:

"Mit ihm (dem Zug) fuhren nun die ersten jungen lützelburger Rekruten einem entscheidenden Lebensabschnitt, dem des wehrhaften Soldatentums, entgegen, ganz so wie vor ihnen Tausende und Abertausende Söhne aller deutschen Gaue des Altreiches, mit denen sie nun auch äußerlich durch das graue Tuch der gro-

Ben nationalsozialistischen deutschen Wehrmacht verbunden sein werden wie ihre Heimat dem großdeutschen Reich."

Härgott nach emol! Esou eppes dréit engem haut nach de Mo op d'Kopp. Mä all, déi deemols derbäi waren, hun dee Knascht a Wouscht weess Gott wéi dack missen iwwer sech ergoe loossen. Mä dat war nach laang nët dat schlëmmst. Déi dagdeeglech Phrasendräscheri hu mir wéi Waasser iwwer äis ergoe loosst. Näischt blouf hanken.

Mä aner Schwéngereien, déi d'Preise mat äis gedriwwen hun, esouer physescher Art, déi hun äis vill Suerge gemaach an äis méi wéi eemol un d'Enn vun deem gedriwwen, wat e Mënsch aushale kann. Ongewëssheet, Verlaangere an Angscht, Opleenung a Widerstand géint d'Nazien, déi dauernd Suerg ëm d'Iwwerliewen bei miserablestem Kascht am Kugel- a Splitterreen hun a kiirzster Zäit aus onerfuere jonke Lëtzebuurger aal an haart Männer gemaach. Em d'ee-gend Iwwerliewe kämpfen, dobäi trei a brav der Lëtzebuurger Heemecht an dem Vollék géint iwwer ze sin an ze bleiwen, war eng gewaltig Leeschtong. Datt dat esou wéineg, wann iwwerhaupt, no där apokalyptescher Krichszäit unerkannt gouf, as traureg.

Feststeet alle falls, och wann et Leit am Land gët, déi et contestéieren: D'Zangsrekrutierung huet déi schlëmmste Befürchtungen, déi d'Leit zu Lëtzebuerg sech gemaach haten, wäit, ganz



Den 18. Oktober 1942

Léif Lieser!

Mir hun am Artikel hei viirdrun opmierksam gemaach, datt mer iech soë géingen, wéi et den 18. Oktober 1942 war, wéi déi éischt Lëtzebuurger Jongen an d'preisesch Wehrmacht verschleeft si gin. Et war ganz anescht as wéi d'preisesch Propagandamaschinerie driwwer geschriwwen hat. An dat kënnte mir nët besser maachen wéi de Komerod Luss Medernach et scho 1945 gemaach huet a séngem Buch "Vu Lëtzebuurger op Lëtzebuerg". Mat sénger Erlabnëss reproduzéiere mir en entspreche Passage aus séngem Buch. (d'Redaction)

Op der Hollerecher Gare

E groen Himmel hänkt iwwert Lëtzebuerg am Trauer.

Haut as deen uergsten Dag a sénger Geschicht. Haut mussen Dausende vu Jongen fort an d'Friemd, engem ongewëssene Geschéck entgéint. . . .

.
.

wäit iwwertraff. D'Folgen dervu waren esou schrecklech, hate vun a fir Land a Leit esou Blut-taffer gefuedert, wéi et am Grand-Duché senger Geschicht näischt Vergläichbares jemols gin huet. Et war a bleiwt eng national Katastroph.

Un dat, wat viiru 45 Joer ugong, dorun erënnere mer äis an d'ganzt Land de 6. September 1987 op eiser Journée Commémorative Nationale, mä ganz a nach méi besonnesch un déi Dausenden Doudeg aus de Reie vun eiser Generatioun, sief et datt se am Krich hiert Liewen hu misse loossen oder no dem Krich un de Folge vun dem Erliddenen fréizäiteg gestuerwe sin. Grad esou denke deen Dag an déiwem Respekt un déi sëlliche gutt Lëtzebuurger, déi nët gescheit hun Happ a Gutt, Gesondheet a Liewe vu sech a vun hire Familjenugehéiregen ze riskéieren, fir jonkt Lëtzebuurger Liewen viirum Zougrëff vun de Preisen ze retten. Wann et nët déck mat engem Merci fir all déi Affer war, sollen an därfe mir, déi mat hinnen am selwechten Boot souzen, mä iwwerliewt hun, deenen Doudegen hiert groust Affer nie vergiessen. An déiwem Respekt hale mir hiert Udenke waach.

Wien sech äis de 6. September nët uschlëisst, huet wéineg, wann nët glat näischt iwwerch fir déi, dären hier Affer hinnen erlaben, haut an aller Gebuergeheit an engem fräien, onafhängege Lëtzebuerg gutt ze liewen.

s.n.



Der Kontakt ist schnell gefunden zwischen dem künftigen Soldaten und dem mit dem Eisernen Kreuz I. Klasse ausgezeichneten tapferen Unteroffizier der Begleitmannschaft. Die Unterhaltung mit Vater und Sohn ist so lebhaft, daß kein Zweifel sein kann: Hier ist die Brücke zu der neuen Welt des Soldaten schon schnell geschlagen.
(Aufnahme: Moselland-Bilderdienst)

En etlech Biller vun der éischter Déportation Militaire, déi den 18. Oktober 1942 opgeholl goufen an der Gare zu Hollerech, resp. an der Kasär zu Tréier/West.

Si stammen aus dem Archiv vum Lëtzebuurger Wort a goufen gratis zur Verfügung gestallt.

Vun de Jongen, déi op deene Photoën ze gesin sin, hu wuel déi wéinegst se jemols gesin. V'leicht erkennt dësen oder deen sech erëm?



Die jungen Rekruten in ihrem geschmückten Zuge. Die Plätze in den Abteilen sind eingenommen, die Sachen verstaут. Jetzt kann man sich noch einmal in aller Ruhe dem Abschied widmen. Noch ein letzter Händedruck, herzlich und frisch, ein scherzhaftes Wort — nun kann der Zug mit den jungen Soldaten ruhig fahren.

D'Mamme kräischen. D'Schwësteren zer-këssen hier Bridder a luessen hinne iwwert d'Schëller no hirem Kolleg. Oh, et woren deemoools nach nëmme gutt Lëtzebuurger Meedercher. An d'Undenken un esou eng léif Meilchen huet muéncher spéider vill Mutt gemaach.

D'Erënnerong un d'Lëtzebuurger Meedercher huet d'Jongen an der Friemd an der Luucht gehalen, well se wossten, dass doheem hier Schwësteren a Freiësche géifen, kéim och wat wëllt, dat selwecht maachen, a se nie géifen u Friemer verrodén.

Dat. . . ., de Glaw un d'Land, de Glaw un onser Härgott a Seng helleg Mamm huet déi eng uerdentlech stierwe gelooss, déi aner erëmbuecht, wéi se fort si gaang.


Ech hun der Mamm arwuer gesot. Séier gin ech fort. Wat soll ech hier a mir et méi schwéier maan, wéi et schon as!

Mäi jengste Brudder an zwee Komerode vun him droe mir d'Valissen. Ech raache gemittlech eng Cigarette. Ech schwätzen zum éischten nët vill, hänke menge Gedanken no.

Mä niewent mir zielt an téint de Bridderchen. Hien deet säi Bescht, fir mech ménge schwéiere Gedanken z'ënträissen. Schliesslech gin ech op säin Toun an, erzielen Schnooken a Witzen. . . .

Wat e Begrëissen, wat en Erkennen op der Hollerecher-Gare!

. . . "Hei de Jäng as och do!". . . "Jo, dat hate mer deemoools nët geduecht ons hei erëmzegin, geldu Hei elei de Pitt! Geet et och op d'Rees?" . . . "Oh, mir si geschwënn erëm! Spéidestens Neijoeschdag!" . . . "Hei elei d'Anny! . . . Mat wiem bass du hei? Mat déngem Brudder? . . . So . . . dénk och e wéineg u mech . . . "Josy, géff gutt uecht, geldu!". . . "Mary, bleif mer trei, . . . klängt Meedchen, ech géif esou gäre bei der blei-



Die erste richtige, sprichwörtlich gute Wehrmachtsverpflegung haben die Rekruten nun schon hinter sich. Sie ist schon wenige Stunden nach der Abfahrt erfolgt. Generalleutnant von Berg benutzte diese Gelegenheit der ersten Verpflegung zu einer knappen, soldatischen Ansprache an die jungen lützelburger Rekruten.
(Moselland-Bilderdienst)

wen. . . . "Hé Heng. . . . komm heihin hei den Tunn kenns de dach och!". . . . Esou schaaft er duercherneen. Oh, an engem Eck bei de Palissade stung een an huet sech alles genee ugekuckt.

"Roger, donk du uecht op d'Mamm, bleif owes bei hier an der Schwëster, wann onsen Eelsten schaffen as. . . . Schreiw mer dacks. . . A bleif e gudde Jong." — De Bridderche verspricht alles, wat ech him un d'Häerz léien: an ech weess, an den Haaptsachen hält hien et och. . . .

Den eidelen Zuch leeft eran, mat Dännegréings gerëscht, mat Fändelen iwwerséit.

Kéng rout-wäiss-blo. Neen! Déi woren an onsen Häerzer an an onsen Täschen. — — —

Voll bluttrout Fändelen hänkt den Zuch. Am roude Fong e wäisse Fleck, doranner dat verhaasst krommt Kräiz. Jo! Vill Blut sollt fléissen, vill Kräiz musst erdroen gin. . . . E Gléck datt et nach en anert Kräiz gouf! Kee krommt. Mä e ganz gruuet, dat ons konnt staark maan. Wéi gutt, datt et e rout-wäiss-bloe Fändel gouf, dee konnt tréischen.

Wéi gelunge sin d'Mënschen! Esou guer an dësen Deiwelszuch komme verschiddener nët séier genuch. Et geet e Gedrécks un, wéi wa géifen Cigaretten ausgedeelt gin. . . .

Ech hun mech nach nie gäre geflass, an nach nie hun ech mer esou gutt Zäit gelooss. Déi meeschte Jonge maachen natiirlech dat selwecht. Ech komme schliesslech an deen zweet-

läschte Won, bei elauter Jongen aus dem Capellener Kanton.

Een as derbäi, mat deem ech fréier geschafft hun. . . .

Mat deenen anere sin ech och geschwë këneg. . . .

De Brudder a séng Kollege reeche mer d'Hand fir d'zwanzegt Mol. Déi Sait de Palissade wénken d'Leit mat Dicher a Schnappecher. Wien hätt geduecht, datt d'Lëtzebuurger Fraen a Meedercher esou vill farweg Schnappecher hätten? Rouder a bloer. . . . Bloer a rouder. . . . eng Onmass. . . . Mä dertëscht, fir ze weisen, dass et och fei Wäsch zu Lëtzebuerg gët, liichte schéi gebléit wäiss Dichelcher. E Mier vu rout, wäiss a blo. Wéi huet d'Bild vun dësem lieweche Fändel sech an onsen Häerzer festgesat! Nie konnt een et erausrappen.

An d'Leit wénken, jaitzen, brëllen a kräischen. . . .

Niewent dem Zuch spréingt de Lëtzebuurger Jonktem, deen nach nët fort muss. Sie brëllen wéi d'Indianer. . . . D'preisesch Zaldoten, déi den Zuch bewaachen, hun hier léif Méi mat hin-

't tippt een dem Brudder op d'Schëller: "Nicht so stürmisch, junger Mann! Wir sind auch mal eingezogen worden. Da gab's aber kein solches Affentheater." Deen dréit sech séier ëm, bekuckt e grouss a seet: "Jo, dir wosst och vläicht firwat, mä déi elo, déi wëssen dat nët. Gesi der, dat as den Ènerscheid." De Preis dréit sech ëm a geet

virun. Wat sollt en äntwerten? Näischt! — Honnertmol näischt. . .

Op déi richteg Bemierkong gouf et kéng Entwert.

"Arwuer Rog!" — "Arwuer Brudder." . . .
Arwuer Jongen." — Arwuer Frënd." . . .

Den Zuch fiert un. Do — — dohannen, zwee Waggoe méi op, fléien Streiss, faalen d'Fändelen erof op de Quai an an d'Gleiser. Ons Leit dohannen di Kreesch vu Freed. Zwee Grëffer, och méng Fënster as eidel. Ons Fändelen eraus. . . arwuer gewénkt. . . Hei routwäiss-blo, do dat selwecht. Nie hat ech esou vill Leit op eemol gär.

Den Zuch, dee fiert. . . Elo as et ze spéit. . . Déi meescht gin elo eréischt gewuer, wéi léif se Lëtzebuerg hun. . .

Mir fueren aus der Gare. Op eemol erkléngt aus dausend begeeschterte Stëmmen dat schéinst vun alle Lidder:

Wou d'Uelzecht duerech d'Wisen zéit. . .

Wéivill sin der deemols fortgefuer, déi nie op Urlaub koumen, an nie méi d'Uelzecht erëmgesin hun!

D'Fënsteren an d'Gleis

Den Zuch fiert lanscht de Millewee, duerch d'Zwickau. . . lanscht d'Stellwierk LSA, wou deen eelste Brudder aus der Fënster wénkt. Arwuer Gasperecher Gewaan! . . .

De Schinnestrank verleeft sech an dem Bësch. Den Zuch leeft ëm no an entféiert dausende jonk Lëtzebuenger Hæerzer.

Mä d'Hæerzer erwechen. Dach d'Erweche kënnit spéit. . .

Hoffentlech nët ze spéit!. . .

Peling — pelang — — kléngt et: Déi éischt Fënster zersplittert am Gleis. . .

Dat as ons de Signal. — 't reent nëmmen esou Schierbelen an d'Gleis. An da fléien d'Rumme no. . . D'Ridoën hannendrop. All Schëlter. . . Äschebecher, Luuchten, Rimmer gin deeselwechten Wee. Alles, wat nët ugewuess as. Well eppes, wat ugeneelt oder ugeschrauw as, as nach laang nët ugewuess. Et as groussarteg unzegesin! E Stuurm as erwecht, dee fir d'Dauer vum Krich sech nie méi ganz sollt berouegen.

Esou eng Demonstratioun géint onse Bedrécker gouf viirdrun an dono nie méi gewisen. Fënnef Méint an der Keelt an am Dréck waren am viiraus bezuelt, fir dat elo mat z'erliewen.

Wéi schued nëmmen, dass et esou glat näischt konnt déngen.

Mir hätte besser gehat, d'Rieder vun de Waggoen erof ze montéieren. Mä et war schéin!

Do. . . , ech doe Kreesch vu Freed. . . Eng Cabinetsdier luest aus enger Fënster! . . .
Ho. . . ruck. . . Am Bou flitt s'op d'Niewegleis, zerkraacht an zersplittert. E ganzen Zuch Jonge bierelt bravo. . .

Deemols huet d'Zerstéieren ons Freed gemaacht. Mä et war e béisst Viirzeechen. Wuer mer och spëider hikommen, zerstéiert Dierfer, verfallen Heiser, Zerstéierung an Dout. An d'Billen hun ons verfollegt, mir goufen en nët méi lass. Emol doheem nët méi! (Fir déi, déi d'Chance hatten d'Hemecht erëmzegesin.)

An ons Dreem huet d'Erënnerung sech ageschlach, wéi e béise Cauchmar, dee kee ka verstoen.

Wa mer bei engem Glas Wäin ënner Frënn sëtzen, kann de Cauchmar kommen. . . beim Kësse kann en erwächen. . . iwwert dem Schreiwen, iwwert dem Liesen. . . Dann eekelt ons d'ganz Welt, as ons alles egal. . . a mir verléieren den häerzleche Kontakt mat onse Frënn.

Den Zodi geet virun.

Den Zuch hält op offener Streck. Scho sin d'Jongen am Gleis a stieche sech d'Täsche voll Stäng a Schlaaken. Weider geet d'Rees, virun de Kaméidi. Eraus mat de Stäng, an d'Signaler geschoss. . . E puer Deeg méi spéit hu mer scho mat preisesche Gewierer geschoss. . . — Dat heescht eigentlech mat geraaften hollänschen.

. . . "d'Uelzecht" gët gesongen an de "Feierwon" a senger beschter Versioun. Et as en Délire. 't géif ee méngen: en Zuch voller Verreckter. — An d'waren dach nëmme Verzweifelter. — Mir musse sangen, mir mussen zerstéieren a jaitze fir all Haass a Gëft aus onse Séilen erauszzejaitzen, erauszschweessen. Soss wäre mer dran erstéckt.

Bëscher, Felder, Wise bleiwen hannerun ons. U verdreemte klänge Lëtzebuenger Dierfer geet et verbäi. Hei an do stin e puer Leit a wénken.

Wasserbëlleg! . . . A weider. Den Zuch fiert iwwer d'Muselbréck. Nach eemol erkléngt d'Heemecht", dat schéint Lidd als "Arwuer" gesongen un d'Ländchen, dat et verhärlecht.

Déisäit der Bréck gët et stëll am Zuch. Déi kaal Friemd sëtzt sech an ons Hæerzer. Jidderee vun ons hat geduecht, am läschte Moment misst vun irgendwou d'Rettong kommen. Elo as all Hoffnung endlech begrüewen. D'Heemecht läit hannerun ons, mir sin an der Friemd. . .

Tréier besaat.

Mir laafen an d'Gare zu Tréier an.

Déi éischt preisesch Stad as vu Lëtzebuenger besaat.

Sou hu mir deemols gesot, de Spaass gemaach,. . . bei all onsem Misär.

Wéi et bei de Preise Brauch as, fir ëm näischt vill Tam-tam ze schloen, sou sin et och gewint, grouss Ugeléenheeten ouni Gedeessesems ze klasséieren.

Wéi mir zu Tréier ukoumen, stung do wuel eng Gielemännerchermusék, déi e wéineg Tappage gemaat huet, mä soss hun se sech wéint onser nët vill Embarras gemaat. A wa mir e jee-mols e Merci schëlleg woren, dann duerfir.

Gläich zu véier a véier opgestallt an am Takt vun der gieler Blechmusék, déi en traurege Marsch spillt (eegentlech sollt e „schneideg" sin) duerch d'Stroossen, an den Haff vun enger Kasär, déi direkt beim Quai vun der Muselbunn läit.

Hei an do stin e puer Leit ons unzeglotten, wéi d'Kanner am Cirque e seelent Déier. A mir maan hinnen et no, kucken hinne grad esou verwonnert op d'Nues, wéi si ons. . . Wuel sëtzt an deene meeschten Hæerzer nach de Wéi, mä déi stark Gemidder si schon op Kampf agestallt; sie si bereet kéng Zougständnesser ze maan, sech ze wieren an deem esou populäre lëtzebuergeschen "Déckapp" kéng Schan ze maan.

Am Kasärenhaff maschéiere mer zou engem offene Véiereck op, setzen ons Valisse nidder a stin elo do an d'Luecht ze kucken.

1,2 an 3 Stonnen. Een Cigarettenstomp nom aner flitt op de Buedem. 't as jo nët, ewéi wa mer et nët hätten. Oh, hätte mir se e wéineg méi spéit erëm gehat.

Op eemol heescht et: Untriede fir d'Mëttegiessen. Vill hongreg as keen, mä mir gi mat aus lauter Viirwëtz. Wat sollen s'ons wuel servéieren? D'Rätsel as huerteg geléist. . . En Teller Grëtz fir jiddereen! Also esou gët een hei gefidert! Solle mer laachen oder kräischen? Mir loossen hinnen de Grëtz a probéieren ons Saucisse-, Pathés-, Kéissen- oder Hameschmieren. E Pättche Béier aus de Kantin drop, eng uerdentlech Cigarette geflutscht. Wat brauche mir deenen hire Grëtz?! Weder ech nach d'Komeroden hätte geduecht, dass et méiglech wier, datt e puer Woche méi spéit mer esou schrecklech kënnte verlaangere no engem Dëppche Grëtz.

Mir mussen ons nees opstellen, iergend e bedeutende Riedner soll op ons lassgeloss gin. . .

En hält eng Ried, wéi all déi aner "Volksgegnossen" virun an no him: Volkschädling, Vernichtung,. . . Lügenpropaganda, Separatismus,. . . Unverstand,. . . Engherzigkeit, Blödsinn an esou weider, mat e puer Artikelen, Verben an Adjektiven dertëscht, opgebaut no dem Motto: Et gët nëmmen eng Natioun op der Welt, déi verdéngt ze bestoen. A wuelverstoppt ënner vill anerem Gebrëlls läit d'Mahnong un

ons: « Willst du nicht mein Brudder sein, schlag ich dir den Schädel ein. » . . An als Dessert dräimol Sieg. . . Mä wien erwaart hat, vun ons den . . . "Heil" . . . hannendrop ze héieren, hat sech geschnidden.

Fënnef oder sechs preisesch S.A.—Männercher hu gepiipst, mä grad doduerch war d'ganz Situatioun nach méi lächerlech.

Wéi der "grousse" Riedner fort war, stunge mer nees stonnelaang näischt ze maan. Heian-do koumen der nach e puer derbäi, déi mat Autocare gefouert goufen. Mir stin do ze warden, a wëssen emol nët richteg op wat.

Schon direkt hei zu Tréier gouf ons gewisen, wéi ganz anescht d'Liewen beim preisesche Militär wär wéi doheem hannert dem Uewen. Mir sëtzen an hänken op onse Valissen a wëssen nët wat mer sollen ufänke vu Verdrësslechkeet a Verlaangeren. Heiando kënnit e Frënd oder Bekannten, sproocht e wéineg a geet nees fort bei eng aner Grupp stoen. Bis endlech de grousse Moment koum!

Mir gi verdeelt. Op onse Gestellungsbefehler stunge verschidde Numeroen. Deene no musse mer ons gruppéieren. Ech gesin no a no gutt Frënn vu mir an déi verchidde Gruppe verschwannen. . . Mäi Numero gouf nach nët geruff: Soll ech da spëider ganz ouni Frënd sin, ganz eléng missen do stoen an deene Stonnen, wou d'Verlaangeren ee wëllt erdrécken?

Endlech as et esou wäit.

An oh Freed, oh Gléck, e Jong aus ménger Uertschaft as och derbäi! De Lothar!

E Joer méi jonk ewéi ech as en, bekannt a beléift bei Jonk an Aal. E stung viirdrun bei e puer fréiere Klassenkomeroden. D'Freed as bei him gläich grouss ewéi bei mir.

Kräfteg reeche mir ons d'Hand. E Frëndschaftsband war besigelt, deen nie konnt vergoen, deen ons sollt hëllef, vill Schwéieres z'erdroen.

Et gët däischer.

Mir marschéiere nees op d'Gare. Stin hei nees eng Stonn, bis den Zuch kënnit. De Loth an ech hu Chance a kommen a e frësch ugehaangenen Zweet-Klass-Won.

Aner Jonge komme bei ons. Mir si geschwënn kënneg mat hinnen. Mä vill arm Deiwelle sëtzen an deene Voitüren, déi mer de muergen hallef kapott geschloen hun. Sie hu batter ënnert de Keelt ze leiden.

P.S.— Deen hei viirdru genannte Komerod Loth (Lothar) as am Februar 1943 op der Krim gefall, deeselwechten Dag wéi de Luss Medernach schwéier verwonnt gouf. De Luss huet de lénken Aarm verluer. Hie gouf den 18 Oktober 1943 heemgeschéckt (hie war "Wehruntauglich") genee ee Joer nodeem e mat dem éischten Transport an d'Wehrmacht verschleeft war gin.

Amicale «Ons Jongen», Dikkerich

Pèlerinage op Hinzert.

"Hinzert as ee Pèlerinage wäert" —,zou där Iwwerzeeong koumen déi ronn 30 "Jongen a Meedercher", wéi se den Nationalfeierdag benotzt hun, fir op déi Plaz ze pilgeren, wou 83 Lëtzebuerger hiirt Liewe fir d'Fräiheet vun eisem Land geaffert hun a wou 1599 Lëtzebuerger Resistenzler ënner den Torturen vun der SS gelidden hun.

Datt dee Pèlerinage zum déifemfonten, ergrëpfenden a bleiwenden Erliewnis gouf, verdanke mir an ischter Stell dem Präsident vun der Amicale Hinzert, dem Josy Schmitz, deen eis am Agank vun dem "lieu du Souvenir" erwaart huet. Dank sengen Erklärungen an der nüchterner Schilderung vu senge perséinlechen Erliewnisser as virun eisem Geist dat "Sonderlager Hinzert" mat all deene Schikanen, mat all där Schénnerie, all där Sklavenaarbicht an all där Quälerei nei erstanen.


"Der Friede dieses Ortes täuscht", steet ganz richtig an engem Informatiounsblat iwwer Hinzert vun der Landeszentrale für politische Bildung Rheinland-Pfalz, dat a knapper, mais prägnanter Sprooch dat veranschaulicht, watt während der Nazizäit zu Hinzert passéiert as. All Respekt fir dat Informatiounsblat.

Besicht goufe vun den Dikricher, ënner der Féirong vum Här Schmitz, dat herrlicht Monument vum Lucien Wercollier, de Kiirficht mat deem gewaltige Steekräiz a mat der Gedenkplaque vun de Lëtzebuerger Affer, d'Kapell mat der Statu "Consolatrix Hinzert", déi och vum Lucien Wercollier, engem fréieren Hinzertter, skulptéiert gouf.



Virum Steekräiz um Kiirficht goufe Blumen néiergeluegt. Während der Gedenkminutt hu mir gespuert, datt mir hei um Hinzertter Kiirficht op engem Stéck Heemechtsbuedem stungen, an den Text aus dem Gedicht iwwer d'Heemecht huet sou richtig heihi gepasst: Wat d'Heemecht as. . . "t sin déi, déi d'Heemechtstrei bezuelt matt hirem waarme Bludd.

Duerno se mir ënner de groe Wolliken an dem Reegefisel an den Hinzerte Bësch gaangen, si beim Stéle am Rand vum Bëschpad stoe bliwen an hun d'In-



D'Monument vum Hinzertter Kiirficht



schrëft gelies:
31.08.1942.

Am Bësch stuunge mir virum Massegraf, wou déi 20 Streikaffer ënnergeschärt ware gin, an hun och do virun Holzkräiz Blumen néiergeluegt. A rëm eng Kéier, während der Gedenkminutt, sen eis Dichterwierder an de Sën komm:

An nie vergiesse mir
hir Trei

Well datt mir gin
nees eemol frei

Hun si fir eis bezuelt
sou deier

.....
Duurch si winkt eis
nees d'Freiheitsonn,

jo, hinne wëlle mir
dës Stonn

Sou wéi zu enger
helleger Feier

Bekennen lo mat
Härz a Monn

Eis Léift zu Lëtze-
buerg!

A mir se virugaang, hun eis dee 60 Zenner schwéire Stéle ugekuckt, déi fir déi 23 Lëtzebuerger Resistenzler opgeriicht gin as, déi de 25. Februar 1944 hei am Bësch higeriicht gi waren. Och bei hirem deemolige Massegraf hu mir Blumen néiergeluegt, an d'Erklärunge vun eisem Guide hun déi Wiirder an eis waachgeruff, déi de Wëllem Weis geschriwwen huet:



Dräianzwanzig Lëtzebuurger Jongen

(Hinzert, Februar 1944)

1. *Em d'Brake facht e steiwe Wand.
Durch Muerch a Schanke brécht de Frascht.
De Preis huet Numm fir Numm genannt,
a vrun him, Mann fir Mann, do stongen:
dräianzwanzig Lëtzebuurger Jongen.*
2. *Si furen an der Dag, dee grot;
si sëtze Knéi u Knéi gedréckt.
De Preis wor haart. Et gouf keng Gnod.
De Wand huet iwwer d'Brooch gesongen:
dräianzwanzig Lëtzebuurger Jongen.*
3. *D'Gewan läit roueg op der Bor.
An D'Kuebe jätzen déif am Bësch.
Eng Stënnchen nach. Dann as et klor.
Dann as bluttrout hiirt Häerz gesprongen:
dräianzwanzig Lëtzebuurger Jongen.*
4. *Vill Rouse fierwe waarm de Schnéi.
Op Héicht an Dällte gouf et hell
an d'Sonn, eng feireg Wonnerbléi,
liicht allen, déi duurch d'Däischtert gongen:
dräianzwanzig Lëtzebuurger Jongen.*



Et war een Nationalfeierdag, wéi mir nach
kann erliewt haten.

Jo, Hinzert war ee Pèlerinage wäert, — a wann
eppes vun deem Dag bei eis hänke bliwwen as,
dann as dee fromme Wonsch hei:

*O Gott, deen iwwer allem steet,
Deen alles schafft a lenkt,
O maach, datt eis duurch dëst Gebied
de Fridde gëtt geschenkt.*

n.

L'assemblée générale ordinaire de la Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force

a eu lieu au Centre Civique de Hespérange au soir du 13 juillet 1987. Après les mots d'usage de bienvenue de la part du président de la section des Enrôlés de force de Hespérange, M. Julien Coner — il nous pria de rendre attentif tous ceux qui, pour une raison ou une autre, viennent à Hespérange, de ne pas manquer à visiter "l'Allée de la Jeunesse Sacrifiés" — et du président nationale, M. Jos. Weirich, on constata que la liste des enrôlés de force décédés au courant de l'année 1986 s'est allongée effroyablement (385) et que la fréquence des décès continue, ce qui laisse prévoir la pire. En ces temps-ci les mésaventures, les affres et les pires souffrances d'il y a plus de quarante ans se font sentir et font des ravages terribles.

Et par surcroît viennent s'ajouter à ce revers de fortune des tribulations inattendues, dont les survivants de l'holocauste pourraient parfaitement se passer. Mais leurs adversaires, par quelques méandres que ce soit, ne donnent aucun répis. Et à en croire ses yeux et ces oreilles, les enrôlés de force sont bien condamnés à vider la coupe d'amertume jusqu'à la lie.

L'ordre du jour, en ce qui concerne sa partie administrative, fut bien vite vidé. Retenons du rapport financier présenté par Emile Olsem que les comptes se tiennent la balance et qu'il fut approuvé à l'unanimité des délégués. Un poste plus important figurait cette fois du côté des dépenses. Il s'agit des frais en rapport avec l'érection du monument au cimetière de Slonks (Pologne) et encore ceux en relation avec le pèlerinage sur les lieux du massacre de janvier 1945.

Bien plus pénible se présentait la discussion des problèmes qui concernent l'ensemble de la famille des enrôlés de force. Aucun nouveau moment n'a été enregistré depuis fin avril de cette année en ce qui concerne l'indemnisation (12,5 Mio DM) consentie par la République Fédérale d'Allemagne. Pas de signe de la part de l'Etat luxembourgeois pour conclure avec les enrôlés de force, ou plutôt avec leurs organismes dirigeants, la convention retenant sans équivoque la provenance et l'utilisation des fonds en question, comme par ailleurs aucune disposition pour créer cette Fondation de Grâce décidée entre parties depuis longtemps déjà. Tout cela semble renvoyé aux calendes grecques!

Rien de nouveau non plus au sujet de l'érection du monument en souvenir de feu son Altesse Royale la Grande-Duchesse CHARLOTTE. Par contre les travaux d'aménagement de l'ancien bâtiment de la gare de Hollerich semblent progresser.

Autres sujets discutés furent:

a) l'érosion des droits acquis par la loi du 26 mars 1974 et par la loi du 12 juin 1981, modifiant

celle du 25 février 1967. Ces lois portent fixation des suppléments de pension ou de rente en faveur des personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant (complément différentiel pour invalidité précoce);

b) le refus du législateur d'octroyer aux enrôlés de force retraités appartenant à des régimes de pension contributifs le grade de substitution prévu par la loi du 27 août 1986;

c) l'apparent laxisme dans le traitement des lettres adressées par la Fédération des victimes du nazisme enrôlés de force aux services compétents de l'Etat.

En tout état cause, le comité de la Fédération ne tardera pas à réagir énergiquement. Il faut à tout prix que l'attitude du Gouvernement change!

Enfin l'assemblée se pencha longuement sur un problème de pension (encore un autre, dira-t-on!) datant de longue date et redevenu plus actuel que jamais, parce que la Chambre des députés fut appelée à voter dans sa séance du 16 juillet 1987 le projet de loi concernant l'Assurance Pension en cas d'Invalidité et de Survie. Une résolution fut rédigée séance tenante et remise le lendemain à la Chambre des députés. Voici le texte:

RESOLUTION

L'Assemblée Générale de la Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlés de Force réunie à Hespérange, le 13 juillet 1987.

faisant sienne la résolution du 25 avril 1987, prise à l'unanimité par les délégués de l'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme à Grevenmacher,

demande à la Chambre des Députés d'apporter au projet de loi concernant l'Assurance Pension en cas de vieillesse, d'invalidité et de survie les améliorations suivantes en faveur des Enrôlés de Force et des Victimes du Nazisme:

1. L'article 17 de la loi du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant, est complété par un numéro (4) ayant la teneur suivante:

